



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 228 vum 24. Januar 2024 vun der honorabeler Deputéiert Madamm Alexandra Schoos.

1) Dem RTL-Artikel no, hat den Zännokter am selwechten Zäitraum eng Zouloossung a Lëtzebuerg an an der Schwäiz ugefrot. Dës soll him am Juli 2014 vun der Schwäiz verweigert gi sinn, well deen Ament schonn a Frankräich eng Prozedur géint hie gelaf ass. Zu Lëtzebuerg konnt hien awer zënter Juli 2014 eng Praxis bedriwen. Hat de Ministère d'Méiglechkeet, fir d'Virgeschicht vun deem Zännokter ze kontrolléieren?

a) Wa jo, hat den zoustännege Ministère dat gemaach a firwat gouf dann awer eng Zouloossung erdeelt?

b) Wann nee, kann d'Madamm Minister erklären, wéi et méiglech ass, datt d'Schwäiz Zougang zu dësen Informatiounen hat a Lëtzebuerg net.

Nee, de Gesondheitsministère hat deemools déi Méiglechkeet net. De concernéierten Dokter huet den 29. Abrëll 2013 effektiv eng Zouloossung kritt fir als Zännokter zu Lëtzebuerg ze schaffen. Zu deem Zäitpunkt louch dem Ministère keng Informatioun vir dat am Ausland eng Prozedur géint den Interesséierte géif lafen. Eng zäitlech begrenzte Suspensioun vum Zouloossungsrecht gouf de 15. Januar 2016 géint dësen Zännokter verhaangen, an zwar fir den Zäitraum vum 15. Februar bis de 14. Mee 2016 mam Motiv dat den Zännokter zum Ament wou hien seng Zouloossung zu Lëtzebuerg ugefrot huet, verschwiegen huet dat deemools schonn ee Verfaren a Frankräich géint hie gelaf ass.

2) Dem RTL-Artikel no, soll d'Affär, déi zum Entzéie vun deem Zännokter senger Zouloossung hei am Land gefouert huet, schonn 2017 un d'Rulle komm sinn. Hie gouf allerdéngs eréischt elo suspendéiert. Kann d'Madamm Minister preziséieren, firwat dës Prozedur mat hiren Ermëttlungen esou laang gedauert huet? Ass eng Vereinfachung vun deene Prozeduren virgesinn, fir méi séier an esou Fäll vu méiglecher Kierperverletzung an/oder Bedruch reagéieren ze kënnen? Wat gesäit de rechtliche Kader hei vir?

D'Disziplinarverfahren vum Collège médical géint Dokteren ass am ofgeännerte Gesetz vum 8. Juni 1999 iwwee de Collège médical geregelt. An dësem Fall waren et 2 Instanzen: emol virum Conseil de discipline an duerno virum Conseil supérieur de discipline vum Collège médical, wou dann den Arrêt vum 23. Dezember 2023 vun dësem Conseil supérieur en definitivem a liewenslängleche Beruffsverbuert géint den concernéierten Zännokter gesprach huet.

Op Basis vun enger Viraarbecht vum Collège médical, ass en éischten Entworf vun enger Upassung vum virgenannte Gesetz vum 8. Juni 1999 entstanen. An dësem Entworf ass virgesinn fir d'Disziplinarverfahren ze vereinfachen. Et ass och an deem Kader wou eng Regel geplangt ass, derno en Dokter, deen am Ausland zäitweilig oder ganz gespaart ginn ass, net däerf zu Lëtzebuerg exerzieren.

Lëtzebuerg, den 5. Februar 2024

D'Ministesesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez